

changer d'un jour à l'autre la législation et ses normes, mais nous pouvons intégrer cet enfant dans la vie quotidienne du couple et de son entourage en lui attribuant sa propre identité. Ceci devrait permettre de dépasser la mort de l'enfant, sans l'oublier, et d'inscrire cet enfant à sa place dans l'histoire psychique des parents et de la famille."

Här President, mir kënnen vläicht net vun engem Dag op deem aneren déi Législatioun änneren, mä dat ass awer kee Grond fir deem Wonsch, dee wierklech legitim ass, net Rechnung ze droen, a mir wäerte jo am Kontext vum Projet de loi 4843 drop zrëckkommen, wann dee Projet de loi da sollt nach zu méi enger verdéiftener Diskussioun kommen, well anscheinend ass et jo esou, dass de Statsrot deem net immens positiv aviséiert huet.

Et kann een awer elo schonn d'Fro opwerfen, ob dann deem Text vum Projet de loi, deem do virgesinn ass, méi wéi dee vun där Proposition de loi, där hiren Objet jo och méi begrenzt war, eigentlech akzeptabel ass, ob dee wäit genuch geet. Mir haten och ganz kuerz an der Kommissioun schonn eng Kéier iwwert deem Thema hei geschwat, an ech wëllt drun erënnere, dass notament den Här Santer proposéiert hat, mir kéinte vläicht an deem Kontext eng Motioun maachen, wou mer déi verschidden Aspekter vun där Problematik hei nach eng Kéier géife beliichten an d'Regierung invitéiere fir an deem Domän fir méi eng akzeptabel Situatioun fir d'Elteren ze suergen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- D'Regierung huet scho schréfflech matgedeelt, dass se mat der Zilsetzung vun där Proposition de loi d'accord ass.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domadder war dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zur Presentatioun vun der Proposition de loi 4969 vun der Madame Lydie Err iwwert d'Médiation civile. Agedroe si bis elo schonn: déi Häre Santer, Bettel an Henckes. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Lydie Err.

6. 4969 - Proposition de loi portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile

Présentation

Mme Lydie Err (*LSAP*), *auteur*.- Merci, Här President, och wann ech keen Auteur sinn, an och wa meng Proposition de loi net nëmmen ëm d'Médiation en matière civile geet, mä och iwwert d'Matière commerciale, da soen ech awer trotzdem merci fir d'Wuert.

D'Médiatioun, Dir Dammen an Dir Hären, dat wësst Dir esou gutt wéi ech, ass in, och zu Lëtzebuerg, well et sinn a kuerzer Zäit op e puer Plazen Zentralen ageriicht ginn, déi sech mat Médiationen beschäftegen, esou zum Beispill - an dat war deem éischte Centre de médiation - op der Gare, vum Familljeministère virun zwee Joer offiziell ageweit. D'lescht Joer ass de Centre de médiation vum Barreau entstan, de Médiateur vum Stat hu mer hei viru Chrëschtadum d'lescht Joer gestëmmt. A mir hunn och - an dat si mer gewuer gi bei den Debatten zur Virbereedung zur Debatt vum 8. Mäerz - d'Médiatioun an de Schoulen, Proffen-, Schülermediatiounen an Ähnlech.

Doriwwer eraus hu mer och zu Lëtzebuerg een eenzegt Gesetz de Moment, e Gesetz iwwert d'Médiation pénale, an actuellement e Projet de loi bei der Reform iwwert den Divorce, wou och zu Lëtzebuerg formell gesinn d'Médiation familiale soll agefouert ginn. All dat géing drop schlësse loosse, dass gewosst ass vu wat mer schwätzen, an ech wollt awer mat lech zesumme kucken, ob dat de Fall ass. Ech sinn nämlech därer Meenung net.

Ech zweiwelen dorunner, well ech zum Beispill ëmmer erëm an Texter iwwer Mediation déi däitsch Iwwersetzung „Schlichtung“ liesen, während Schlichtung op Franséisch „arbitrage“ heescht, während Arbitrage heescht, dass e Mënsch do sëtzt, deem dann definitiv, wa keen Accord kënnt, eng Décisioun hëlt, wat bei der Mediation net de Fall ass, wou am Viraus bei engem Vertrag kann ofgemaach ginn, dass en Arbitrage kënnt, wat bei der Mediation och de Moment net de Fall ass, wat awer méiglech ass. Bref, et gëtt Begrëffsverwiesselungen, déi drop hiweisen, dass d'Tatsaach, dass iwwer eppes geschwat gëtt, net heescht, dass ee weess, vu wat ee schwätzt.

Och mat Transaktioun, mat Négociatioun a mat Conciliatioun gëtt d'Médiatioun ëmmer erëm verwieselt, an deem, deem d'Ennerscheeder vun deene verschiddene Begrëffer mat der Mediation wëllt wëssen, dee kann dat a menger Proposition noliessen, well et ass leider e bësselche kuerz hei fir all déi Detailler opzezielen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Wat ass Mediation? Ech probéieren ausser der franséischer Definition, déi sech och a menger Proposition deelweis erëmfënnt, eng mëndlech Explikatioun dozou ze ginn, an zwar kéint een et définéieren als eng confidentiel - an dat ass wierklech dat éischt an dat wichtegst Wuert - Diskussioun vu wéinstens zwee Leit, déi e Problem hunn oder engem Problem wëlle virbeugen, zesumme mat engem Drëtten, deem onofhängeg, onparteiessch a qualifizéiert ass, fir zu engem Resultat ze kommen, wat vun deene Leit, déi de Problem hunn, akzeptéiert gëtt. Dat Resultat muss erreecht ginn, ouni dass de Médiateur, dee weder e Richter nach en Arbitrer ass, iergendeppes an deem Kontext kann imposéieren.

Dat ass oder dat schéngt op jidde Fall eng relativ laang Definition ze sinn. En fait ass et eng Beschreibung vun engem Konzept, dat all déi indispensable Konditiounen, déi eng richtig Mediation voraussetzt, a sech begräift. Dat heescht awer och, dass d'Leit an der Mediation sech selwer ëm hir Problemer këmmere amplat dës Problemer ze delegéieren, sief et op eng Assurance oder beispillsweis op e Gericht, an esou gesinn ass d'Médiatioun net nëmme wéi am Kontext vun der gerichtlicher Mediation e Moya fir d'Gerichter ze entlaaschten, mä et ass virun allem och e Moya fir d'Biergerinnen an d'Bierger ze emanzipéieren, hir eegene Problemer selwer an de Grapp ze huelen, dat heescht d'Léisung vun hiren eegene Problemer selwer an de Grapp ze huelen.

An dat ass, Här President, och d'Ursaach firwat menger Meenung no d'Médiatioun soll formell an e Gesetz ageschriwwen ginn, net well een ouni Gesetz eng Mediation net ka maachen, mä well een nëmme mat engem Gesetz eng propper an eng konform zu de Prinzipie geregelt Mediation ka maachen, an dofir dës Initiativ.

Wat sinn d'Effete vun der Mediation? Ier ech op de Gesetzestext selwer wëll agoen, ganz kuerz gesot, éischstens, d'Éegeverantwortung bei der Léisung vun de Problemer ze förderen. Et ass also eng emanzipatoresch Bestriewung. Zweetens, de Respekt virun engem aneren, virun engem Adversaire ze pronéieren an doduerjer am Fong

de Lien social an der Gesellschaft tëschent Leit, déi Problemer hunn, ze verstärken. Ech mengen, dass dat eleng eng Ursaach war, déi duer géif goe fir Efforten ze maachen, fir dese Mechanismus an d'Praxis ëmzesetzen.

Drëtten Effet vun der Mediation war fir méi schnell Léisunge vu Problemer ervirzebréngen wéi dat un de Gerichter leider de Fall ass. E véierten Effet war et en Traitement vun de Konflikter unzestriewen, deem iwwert den Aspect juridique erausgeet. Esou ass zum Beispill bei engem Divorce, deem iwwert d'Gericht geet, net ee Moment reservéiert fir d'Emotiounen, déi jo zweifelsohne all Opléisung vun enger Beziung mat sech bréngt, zur Sprooch kommen ze loosse, dat heescht also och, dass wann eng Léisung bei enger Mediation erauskënnt een dovunner ausgoe kann, dass se, well se selwer fonnt a selwer akzeptéiert ginn ass, och an der Zäit méi dauerhaft a méi onproblematesch an der Exekutioun ass.

Fënneften Effet wier d'Aspuere vun Aarbecht op de Richter, Ofkierzung vun den Délaië fir bäizekommen. Dat ass en Effet, wéi gesot, mä dat kann net den Zweck vun der Operatioun sinn. A schlussendlech wier et méi eng grouss Zefriedenheet vun de Justiciable vis-à-vis vun de Méiglechkeeten, déi de Stat zur Verfügung stellt, fir d'Problemer iwwer e Wee ze léisen, deem hinne vläicht méi no geet wéi dat de Moment op den Tribunal gemaach gëtt, wéi et eigentlech och op de Richter, esou wéi d'Prozedur sinn, net aneschtens méiglech ass.

D'Entlaaschtung vun de Richter ass en Effet, dee wëschenswäert an ze begreifen ass, mä et kann net den Zweck vun engem Gesetz si wat een an därer Matière mécht.

Éischtens geet et drëm d'Médiation esou ze organiséieren, dass se all Konditiounen erfëllt, déi Garantie stellen, dass d'Médiation net instrumentaliséiert gëtt zu enger Verkierzung vun den Délaië vun den Affären um Gericht. Dat heescht, dass verschidde Konditiounen mussen erfëllt sinn an ech wëll déi kuerz opzielen, an zwar sinn et der fënnef.

Éischtens muss se, an dat wëll ech ennersträichen, ëmmer och um Gericht volontaire sinn a si därf ni imposéiert ginn, well soss op jidde Fall de Risiko besteet, dass d'Médiation degeneréiert zu enger Justice des pauvres, dass déi richtig Gerichter nëmme géife befaasst gi mat deene seriösen Affären, dat heescht, den Affäre vun deene Leit, déi sech kënnen laang a schwierig an deier Prozesser leeschten, während d'Médiation géif deenen opgezouwene kënnen ginn, déi eben déi Moyenen net hätten. Dat kann an dat dierf et net sinn, well soss wier et eng Dénaturatioun vun der Mediation.

Zweetens muss de Médiateur onofhängeg an onparteiessch sinn, dat heescht, hie muss finanziell, institutionell an och wat d'Lokaler ubelaangt getrennt vun de Gerichter schaffen an oprieden, fir dass keng Konfusioun tëschent de Rolle vum Richter, vum Arbitrer a vum Médiateur kann opkommen.

Drëttens mussen net nëmmen d'Leit, déi Problemer hunn, mä och de Médiateur selwer ëmmer d'Fräiheet hu sech lasszemaachen vun enger Mediation wann eng vun de Konditiounen him schéngt an der Mediation net respektéiert ze ginn. Déi drëtt Konditioun ass, dass de Médiateur kee Richter ass an dofir och kee Pouvoir kann hunn. En därf also net nëmmen näischt décidéieren, e kann och nach manner eng Léisung imposéieren. Dat heescht, dass dee Fräiraum fir d'Leit grouss ass haus-

gemaache Léisunge fir hir Problemer ze fannen.

Déi véiert Konditioun ass d'Confidentialité vun enger Mediation, well dat ass de groussen Avantage ouni deem näischt ka passéieren, well kee Mënsch seet an enger Mediation aner Saache wéi um Gericht, wann en net d'Garantie huet, dass dat wat en do seet, herno an engem eventuelle Prozess en cas d'échec kënnt géint e verwant ginn. Dat heescht och, dass d'Confidentialité net nëmmen op de Leit läit, mä och um Médiateur, deem ni kann zitéiert ginn als Zeien no deem eng Mediation échouéiert ass, esou dass e seng Neutralitéit a säin ausstehende Charakter ka bewahren.

De fënnefte Punkt ass, dass an all Mediation et muss eng Prozedur ginn, déi garantéiert, dass déi Leit, déi Problemer hunn an déi diskutéieren, een esou laang wéi den anere schwätze kann, nogelauschtert kritt an dass jidderee sech am Respekt virun deem aneren ausdréckt. Och muss opgepasst ginn, dass d'Sproochzäit net deem een oder deem anere Mënsch, deem do diskutéiert, de Mediéierten defavoriséiert.

Zum Gesetz selwer e puer Punkten am Schnellverfahren. Ech proposéieren an de Code de procédure civile en neit Kapitel anzuschreiben am Buch 4, wat géif heeschen „La Médiation“ a wou e puer Moosnamen opgezielt ginn an deem Gesetz. Ech mengen, et sinn der siwen.

1. Dass d'Médiation ëmmer méiglech, mä ni obligatoresch ass, dat ass den Artikel 1.

2. Dass een, deem als Médiateur muss schaffen, en Agrément ministériel huet a fir deem ze kréie verschidde Konditiounen muss erfüllen. Déi Konditiounen, déi erfëllt ginn, géifen sech an engem Serment erëmispigelen, deem dann och virun dem zoustännege Minister géing ofgeluecht ginn. Wat wichtig ass an deem Artikel, dat ass, dass fir den Agrément ministériel e Critère de formation virgesinn ass an dee Critère de formation sech net op eng Profession d'origine bezielt, mä virun allem op eng Formation op d'Médiation. Dat heescht also, dass ganz kloer och pluridisciplinaire hei kënnen Agrémenten ausgedeelt ginn. Et ass ee vun den Interéte vun deem Mechanismus par rapport zu der Justiz.

3. Steet an deem Gesetz dran, dass de Médiateur muss indépendant an impartial sinn, dass e selwer keng Pressiounen darf ausgesat sinn an och selwer keng Pressiounen darf u seng Médiéierte weiderginn, fir zu engem Resultat wëllen ze kommen, well ob e Resultat kënnt oder net, darf en eigentlech als impartialen Médiateur net interesséieren. Hien oder hatt ass nëmme responsabel fir de Prozess, net fir d'Resultat vun deem Prozess.

4. Muss och bei der Mediation eng Assistance judiciaire virgesi sinn, fir dass et net esou ass, dass d'Leit missten, wa se an d'Médiation ginn a sech wëllen also selwer ëm d'Léisung vun hire Problemer bekëmmere, selwer bezuelen, während wa se géifen op d'Gerichter streide ginn, se d'Assistance judiciaire hätten. Ech sinn der Meenung, dass och hei misst d'Médiation an d'Assistance judiciaire Aféierung fannen an esouguer ouni Considérations, wat d'Revenuen ubelaangt, wann et fir déi éischt Sëtzung ass, wou et just drëms geet fir d'Leit ze informéieren wat an der Mediation da soll geschéien, fir dass se sech kënnen en connaissance de cause décidéieren, ob oder ob si dat net fir sech wëllen.

5. D'Definition vun engem Accord en vue de médiation. Dat ass fir kloerstellen dass déi Leit, déi eng Mediation maachen, wëssen op wat se sech aloossen a wat d'Konditiounen vun der Stee sinn.

6. D'Konditiounen iwwert den Accord de médiation selwer, dat heescht iwwert d'Resultat vun der Diskussioun, déi d'Médiatioun duerstellt.

7. Dese Punkt geet am Fong iwwert d'Prozedur, déi um Gericht soll sui- véiert ginn an därer Matière. Meng Proposition wier déi fir d'Médiation ze behandle wéi aner Mesures d'instruction, wéi zum Beispill eng Expertise oder Ähnlech, duerch e Jugement interlocutoire gegebenenfalls oder awer iwwer eng Note au plumeitif. Wat awer muss op alle Fall geschéien ass ze évitéieren, dass eng Mediation proposéiert gëtt fir d'Sachen onnéidegerweis an d'Längt ze zéien. Dofir sinn och de précis Délaien dran, déi een net kann iwwerscreiden.

Esou wäit also déi siwe Punkten zum Gesetz selwer wat d'Médiation um Gericht ubelaangt. Da sinn nach dräi Punkten iwwert d'Médiation, déi ausserhalb vum Gericht ka stattfannen, well zu all Moment, wann een e Problem huet, beispillsweis mat sengem Noper oder mat sengem Propriétaire oder Locataire, kann een natierlech och ouni d'Gericht eng Mediation maachen. Och dat ass méiglech. Allerdéngs muss ee wëssen, dass deem Accord, deem do erauskënnt, keng Force exécutoire huet an dass een awer da kann op d'Gericht goen an en Accord, deem ee fonnt huet, vun engem Gericht einfach entériniere loosse. Dat wier dann e Référé, dee géif mat ganz wéineg Schmäerz a mat ganz grousser Vitesse iwwert d'Bühn goen.

De leschte Punkt iwwert d'Médiation volontaire ass deem, dass de Parquet ëmmer dann, wann eng Question d'État am Spill ass, iwwer e Recours op d'Médiation informéiert gëtt an och iwwert d'Resultat.

Zum Schluss vläicht ee konkret Beispill, fir lech ze erkläre wat den Zweck vun deem Gesetz an der Praxis soll sinn. Ech froen lech e Fall ze imaginéieren, wou e Bail ass tëschent zwee Leit a wou zënter zwee Méint kee Loyer bezuelt ginn ass. Dann ass et normal, dass eventuell reklaméiert ginn ass an dann hunn d'Leit d'Flemm an da gi se op d'Gericht, besonnesch da wa se eng Assurance-recours hunn, déi dee Spaass dann och nach bezilt.

Da stellt sech eventuell eraus, dass eben de Locataire net bezilt, net well en net wëllt, mä well e beispillsweis am Chômage ass a ganz am Ufank nach seng éischt Indemnitéiten net kritt huet an dass et dann eventuell gutt ass wann de Richter d'Méiglechkeet hätt ze soenn, wëllt Der dann net emol probéieren, ob Der net eng Léisung selwer kënnt fannen, fir domadder ze garantéieren, dass déi Leit, déi jo normalerweis nach wëllen oder musse mateneen a Relationen bleiwen an eenegermoosse gudden Terme kënnen bleiwen an dass se hir Problemer eventuell selwer arrangéieren.

(Interruption)

Meng Fraktioun huet nach zéng Minuten, Här President, a vu menger Fraktioun schwätzt soss keen. Ech sinn awer trotzdem direkt fäerdeg.

Ech denken dofir, dass et wichtig ass net nëmmen a Matière am Zivil, wéi am Divorce, bei Liquidatiounen, bei Besuchsrecht, bei Kanner oder Ähnlech de Leit selwer ze hëllefen zu enger Léisung ze kommen, wéi vun engem Gericht eng DIN-A4-Décisioun imposéiert ze kréien. Dann hu mer och eng Garantie, dass duerno net erëm gestridde gëtt iwwert d'Exekutioun oder Rappel gemaach gëtt iwwert d'Décisiounen, déi imposéiert gi sinn.

Ech denken dofir, dass et wichtig ass, dat Konzept vun der Mediation un d'Leit ze bréngen, well net nëmmen d'Leit eppes dobäi ze gewannen hunn, mä och d'Justiz, well et ganz kloer ass, an dat geet aus

Etüden aus dem Ausland ervir, dass d'Mediation e Prozess ass, mat deem de Justiciable wäit méi zefridden ass wéi mat de Prozeduren um Geriicht, a last but not least hätt op jidde Fall dat och den Zweck, de Leit eng aner Kultur fir mateneen ëmzegoen, méi no ze bréngen, och dann, wann een net d'accord ass. Dat heescht, si hätt op jidde Fall och den Zweck, de Lien social an eiser Gesellschaft, dee sech ëmmer e bësse méi verléiert, ze stäerken.

Dass dat néideg ass an enger Gesellschaft wéi där, an där mir hei sinn, gëtt warscheinlech vu kengem heibanne bezweifelt. Mä ech mengen, dass een och muss duerch e Gesetz wéi dëst, iwwer e Sujet wéi dësen, beweisen, dass de Justiciabel beléierbar ass, an dass ganz oft e Justiciabel weess, wat ënner ville Kollegeen um Barreau gesot gëtt, dass et ganz oft besser ass, e schlechten Arrangement wéi e gudder Prozess ze féieren, an heiansdo och dat seng Richtigkeet huet.

Dofir hoffen ech, dass mam Accord de principe vun dëser Regierung och dee vun där nächster eventuell ginn ass, och wann déi eng oder déi aner Fro aneschtlers toiséiert gëtt, dass d'Gerichter endlech op eng fachlech garantéiert Aart a Weis kënnen dat heiten Instrument benotzen.

Dass de Wëllen do ass, schéngt jo aus dem Gesetz iwwert d'Reform vum Divorce ervirzegoen. Et geet awer net duer, fir et en matière familiale ze hunn, mir missten dat Instrument, mengen ech, och an der Matière civile en général an en matière commerciale hunn, well och do gëtt et ëmmer erëm Leit, déi matenee Schwierigkeeten hunn, obscho se eigentlech duerch d'Natur vun der Saach dozou gezwonge sinn, hir Relatiounen weider mateneen ze ënnerhalen, sief dat an der Scheedung iwwert d'Kanner, sief dat bei Entreprises duerch de Fait, dass se zesummeschaffen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als éischte Riedner ass den Här Patrick Santer ageschriwwen. Här Santer, Dir hutt d'Wuert.

Discussion

M. Patrick Santer (CSV). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madame Err elo grad gesot huet, ass d'Mediation zu Lëtzebuerg näischt Neies. Et gëtt eng Médiation pénale; et gëtt de Centre de médiation vum Barreau vu Lëtzebuerg; et gëtt d'Mediation an der Schoul; et gëtt d'Mediation an der Relatioun tëscht der Verwaltung an de Bierger. Et gëtt och déi vertraglech organiséiert Mediation, als souzesoene Passage obligé ier eng Partei d'Gericht saisiéiert.

D'Proposition vun der Madame Err geet dozou iwwer fir d'Mediation an zivilen a kommerziellen Affären ze institutionaliséieren. D'Madame Err huet och gesot, dass bei der Mediation et dacks zu Begrëffsverwiesslung kënn; dass vu Mediationsschlichtung, Arbitrage, Transaktioun a Conciliatioun geschwat gëtt. Ech wëll hei soen, dass bei deene verschidde-ne Recherchen, déi ech gemaach hunn an eisen Nopeschlänner, ech och Definitioune erëmfonnt hunn, déi net alle Kritären, déi d'Madame Err an hirer Proposition de loi geschriwwen huet, Rechnung droen. Dat beweist, dass d'Mediation an den Ëmfang vun der Mediation nach kloer mussen definéiert ginn.

D'CSV steet positiv par rapport zu der Institutionalisatioun vun der Mediation an zivilen a kommerziellen Affären, ouni sech wëllen awer un d'Definitioune, déi an der Proposition de loi steet, bannen ze loosser. Et gëtt awer e Problem, dee méi grouss ass wéi dee vun der Definitioune oder vun de Kritäre vun der Mediation, an deem d'Mediation muss iwwerbrécken, wa

se sech wëllt hei entwéckelen an duerchsetzen.

Et gëtt keng Kultur vun der Mediation hei zu Lëtzebuerg. Et ass éischter, wéi e franséischen Droitsprofesser geschriwwen huet, eng Sagesse calculée, fir net musse Prozesser ze féieren, an et ass keng Sagesse inspirée, geprägt vun enger Ethik vun der Mediation, geprägt duerch e Reflex fir d'Mediation spillen ze loosser. D'Mediation kann een nëmmen op fräiwëlleger Basis agoen, mä et muss een och de Wee aschloe wëlen. Et muss bal zu engem Reflex ginn, fir op d'mannst un d'Mediation ze denken a se dann ze wëlen.

De Montesquieu huet eng Kéier geschriwwen, viru laanger Zäit, dass een ënnerscheede muss net tëscht deene gudden an deene schlechte Gesetzer, mä tëscht deene Gesetzer, déi applizéiert ginn an deenen aneren, déi net applizéiert ginn. Well, gutt Gesetzer - huet e geschriwwen - gëtt et iwwerall.

Fir dass een d'Mediation unhëlt als Alternativ zur staatlech organisierter Justiz, fir Konflikter ze léisen, muss och de Médiateur eng gewëssen Autoritéit hunn. D'Parteien mussen eens ginn, wee se als Médiateur huelen, a si mussen och eens ginn, dass d'Autoritéit vun der Mediation spille soll. Eng Institutionalisatioun vum Statut vum Médiateur war an där Hisiicht eiser Meinung no net wëschenswäert.

Wann eng Partei mordicus op säi Recht beharrt, oder wann de Médiateur net déi néideg Autoritéit huet, da wäert och d'Mediation näischt bréngen. Da mussen d'Gerichter entscheeden. D'Justiz dierf net duerch d'Mediation ageschränkt ginn. D'Justiz an d'Mediation bidden zwou verschidde Méiglechkeete fir Konflikter ze léisen an all Bierger huet d'Recht drop, déi zoustänneg Gerichter mat enger Affär ze saisiéieren.

Och wann d'CSV d'Institutionalisierung vun der Mediation als e Schratt an déi richteg Richtung gesäit, deele mir awer d'Positioun vun der Regierung, wat de Champ d'application vun der Proposition de loi ugeet. An allen zivilen oder kommerziellen Ugeleeënheeten eng Mediation virzugesinn, ass net méiglech. Zum Beispill eng Scheedung - de Prinzip vun der Scheedung, net d'Mesures accessoires, mä de Prinzip vun der Scheedung -; eng Adoptioun; d'Filiatioun, mä och wat d'kommerziell Affären ugeet, eng Faillite oder eng Liquidatioun vun enger Gesellschaft, musse per Gerichtsuerteel entscheet ginn. D'Parteien, an engem Vertrag, mussen och de Choix kréien, fir d'Mediation virzugesinn, oder fir se op der Säit ze loosser, si musse souguer och de Choix kréien, fir d'Mediation esou ze organiséieren, wéi si et wëllen.

An dann hu mer nach Gesetzer, wou ganz kloer drasteet, dass an zivilen oder kommerziellen Ugeleeënheeten d'Gerichter op deem engen oder anere Punkt mussen Entscheedungen treffen. D'Mediation an allen zivilen oder kommerziellen Affäre virzugesinn, ass ze wäit gegräff.

Och wann d'Detailfroen an der Proposition de loi vun der Madame Err misste verbessert ginn, oder net kënnen esou iwwerholl ginn - do misst vläicht eng Mediation stattfannen an der zoustänneger Kommissioun -, ass d'CSV mat der Richtung vun der Proposition de loi vun der Madame Err averstanen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Santer. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Bettel. Dir hutt d'Wuert, Här Bettel.

M. Xavier Bettel (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Santer ass schonn an déiselwecht Richtung gaange wéi déi Positioun, déi ech

och hei wollt dévloppéieren. Ech kéint mech direkt setze goen. Ech hunn net fir ganz laang, méi déi zwou kleng Minutten, déi wollt ech awer hei benotzen, fir iwwert de Sujet e bëssen ze schwätzen.

Fir d'éischt: Der Madame Err hir Positioun, fir direkt kloer ze sinn, ass eng ganz interessant Positioun, an déi Proposition de loi ass och net ze verwerfen an et ass och net vun hir ze soen, dass se inutile wär. Et gesäit een haut, dass d'Délaien op de Richter ëmmer méi laang an d'Käschten op de Richter ëmmer méi héich ginn, a wann ee kéint en anere Wee fannen, fir d'Konflikter ze évitéieren an op eng méi soft Aart a Weis Léisungen ze fannen a verschidde Fäll, da wär dat selbstverständlech luewenswäert, éischters fir den Désengorgement vun eise Gerichter, zweetens fir d'Économie de frais vun Justiciabel an drëttens fir verschidde Situatiounen net direkt an d'Streitkultur eranzekréien.

Ech hunn d'Prise de position och vun der Regierung gelies, an och verschidde Punkten, déi hei ervirgehewe gi sinn. Ech deelen och déi Meinung vun der Regierung, déi seet, dass d'Proposition de loi hei, déi ganz large ass, virun allem an der Matière vun de Konflikter, déi ëm den État de personne dréien, ob dat elo d'Filiatioun sinn oder d'Adoptiounen, kritesch kënnen sinn.

Et muss een och kucken, an enger Koppel, wann een d'Mediation hëlt, dass et och net e gewësse Lien de dépendance gëtt vis-à-vis vun deem engen oder vun deem aneren an dass deen aneren alles acceptéiert, well en e bëssen ënner der Schlapp steet, an en dofir bei der Mediation da méi schlecht géif ewechkommen, wéi wa keng Mediation komm wär. Selbstverständlech, si ass jo optional, et ass näischt Obligatoresches, mä dat kéint awer virkommen. Virun allem an der Matière de filiation an d'adoption kann dat virkommen.

Ech hunn och e puer Froen, déi ech der Madame Err wollt stellen. Bon, et steet dran, et misst een e Minimum vun 30 Joer al sinn. Ech kenne verschidde Leit, déi vläicht méi jonk wäeren, déi awer och doudsécher interesséiert wäeren. Ech ka mir virstellen, dass d'Madame Err an hirem jonken Alter, wéi se Affekotin war, och scho vläicht d'Mediation hätt kënnen maache mat 26, 27 oder 28 Joer. Et sinn och Richter, déi vill méi jonk sinn, déi och Décisiounen huelen op de Richter - ech weess net, firwat do eng Limite op 30 Joer gesat ginn ass.

Et ass och mam Artikel iwwert d'Médiation judiciaire an der Procédure, wou ech e puer Problemer hunn. Do steet dran, dass de Richter kann décidéieren, ouni Accord vun de Parteien, an och wann en Affekot do ass - dee gëtt emol net informéiert, an deen huet och guer keng Recoursméiglechkeeten -, dass eng Mediation proposéiert gëtt, an dass déi éischt och nach vum Stat bezuelt gëtt.

Ech mengen, wann d'Leit net averstane sinn oder op jidde Fall wann d'Parteien net averstane sinn, also „chaque fois que le juge estime la médiation particulièrement adaptée à un litige dont les parties ignorent la médiation, il pourra ordonner, par simple note au plumeitif et sans avoir recueilli cet effet à l'accord préalable des parties en cause, une séance d'information sur la médiation dont le coût est couvert par la loi sur l'assistance judiciaire...“

(Interruption)

Jo, mä Madame Err, hei ass eng Décisioun vun engem Richter, déi geholl gëtt ouni den Avis vun de Parteien, ouni dass se vläicht Loscht hunn, iwwerhaupt eng Me-

diation ze huelen, an et gëtt vum Stat bezuelt! Fir mech, wann d'Leit en Affekot hunn oder wann d'Parteien kéinte gefrot ginn, soll dat prioritairement gemaach ginn, ier een da seet: Da gitt Der elo emol eng Stënnchen an da lauscht Der emol no wat Der kënnt ugebuede kréien. Wann d'Parteien en Affekot hunn, soll fir mech iwwerhaupt emol den Affekot gefrot ginn, ob déi wëllen hunn, esou an eng Mediation ze goen.

Ech mengen, den Affekot ka jo och de Leit dat erklären, an ech weess net firwat de Richter do d'Méiglechkeet huet, déi Décisioun ze huelen ouni iergendeen ze informéieren an ze décidéieren: Elo ginn déi emol lauschtere wat déi Mediation iwwerhaupt ass, an de Stat soll dat och nach bezuelen.

An deemselwechten Artikel 258 steet och dran: „La décision ordonnante, prolongeant, mettant fin à la médiation n'est susceptible d'aucun recours.“ Bon, de Problem ass wann een dat draschreift. Ech hunn ëmmer e Problem mat den Décisiounen wou ee kee Recours ka maachen, well ech de Prinzip hunn, dass een ëmmer Recours ka maachen, mä dann ass een net méi an enger Mediation, da geet et mam Sträit nees lass. Mä dee Punkt géif ech och vläicht eng Kéier nokucken.

Wéi gesot, d'Proposition de loi ass ganz interessant, mä et soll een och net vergiessen, dass d'Mediation eppes ass wat et hei zu Lëtzebuerg scho gëtt, zum Beispill d'Médiation pénale, an d'Madame Err sot mer et och elo nach eng Kéier selwer: Et ass manner wéi 1% vu Médiation pénale, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, dat heescht de Succès ass do ganz geréng. Do kënnt selbstverständlech da vläicht d'Information méi verbreet gi fir d'Leit ze informéieren iwwert déi verschidde Méiglechkeeten vun der Phase non contentieuse, prétribunale, déi do ass.

Wéi gesot, de Barreau huet do och eng Missioun, nämlech déi, d'Affekoten ze informéieren iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, déi et ginn, justement fir d'Mediation ze maachen. Mä wéi gesot d'Proposition de loi ass ganz interessant. Si gëtt jo selbstverständlech haut elo net ofgestëmmt, mä wéi gesot, et si verschidde Punkten, déi ee vläicht nach eng Kéier misst nokucken.

Ech soen lech merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Bettel. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi vun der Madame Err erabruecht ginn ass, fénnst prinzipiell ons Zoustëmmung. Ech wëll drop hiweisen, dass se baséiert op dem grénge Buch vun der Commission européenne vun 2002 oder sech dovunner inspiréiert iwwert d'„alternative dispute resolution“, d'ADRen, an dat zitt jo mat an deem Sënn eng positiv Äntwert natierlech vun dem ADR, dem Aktionskomitee fir Demokratie- a Rentegerechtegkeet. Et ass awer esou, dass mer...

(Interruptions diverses)

Traditionell hunn d'Friddensgerichter an de Friddensrichter fréier déi Missioun do iwwerholl fir d'Parteien ze conciliéieren. Mä jiddferee weess, dass dat schonn zënter Joren net méi de Fall ass an dass vimum Friddensgericht, wéi den Numm et richtig ausgedréckt huet, haut awer et net méi vill Fridden ass an au contraire nëmme méi ganz heftig diskutéiert Prozesser. Mä et ass awer noutwendeg, dass mer op de Wee vun enger institutioneller Mediation ginn am Zivilen an am Kommerziellen.

Mir hunn et schonn am Stroferecht lechen an am Administrativen, mä et ass awer och wichteg, dass mer verschidde Konflikter net op d'Gerichter bréngen, well se do net higeheieren, well se ganz oft duerch d'Mediation, duerch deen Dialog, deen organiséiert gëtt tëscht de Parteien iwwert de Wee vum Médiateur, iwwert d'Information, iwwer verschidde Gesetzer, déi bestinn a wou d'Leit vläicht net wosste wat géng drastoen, kënnen geléist ginn. Bref, et ass op jidde Fall e Wee fir eng etlech Prozesser ze évitéieren a fir domadder d'Gerichter ze entlaaschten. Dat wier een Avantage.

Den zweeten Avantage ass, dass ee méi séier kann zu enger Décisioun kommen. Dat ass also och fir d'Parteien interessant. Drëttens ass et och bien entendu méi bëleg wann d'Leit kënnen iwwert de Wee vun der Mediation eng Léisung fannen zu deene verschidde Gesichtspunkten, déi se hunn zu engem Problem, wéi dass se dat mussen iwwert de Wee vum Gericht maachen.

Dofir nach eng Kéier den Accord vun onser Fraktioun mat dem Prinzip selwer vun der Mediation. Ech mengen et ass de richtige Wee an ech hoffen, dass an der nächster Legislatur mer kënnen dës Proposition de loi op de Métier huelen.

M. le Président. - Merci, Här Henckes. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Wagener. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Dir sidd lernfäeg, gesinn ech. Dir Dammen an Dir Hären, d'Proposition de loi vun der Madame Err ass eng wichteg Proposition, well se déi ganz sommaire Regeln, déi 1999 agefouert goufen, verdéift an auswäit an doriwwer eraus och méi eng fundéiert Analys duerchféiert vun deem wat d'Mediation kann a soll sinn am zivilen an am kommerzielle Beräich.

Besounesch interessant schéngt mer awer als juristesche Laiin, dass d'Mediation, esou wéi et hei am Text duergestallt gëtt, e Konzept vu Konfliktléisung duerstellt, deen, wéi d'Auteurin et beschreift, eng Äntwert soll sinn op d'Kommunikationsdefizit an eiser Gesellschaft. Ech denken, dass dat eng richtig Analys ass, mä ech hu mech gefrot beim Liesen ob et net nach doriwwer erausgeet, ob d'Mediation net vläicht och e Schrëtt ewech vun engem gewësse paternalistesche Modell duerstellt wéi déi traditionell Rechtspriedung en transportéiert. Hei mussen net zwee Kontrahenten op en Uerteel waarde wat e Richter vu senger Tribün erofschwätzt, mä si kënnen op eng méi adulte Aart a Weis selwer zesumme mat enger qualifizierter Drëttperson un enger Léisung an eventuell och un enger Conciliatioun schaffen.

Ech wëll dann awer och - an d'Auteurin mécht dat och selwer an hirer Proposition - op d'Grenze vun der Mediation hiweisen, Mediation, déi jo an der Lescht e bëssen och als moudescht Allheilmittel fir all méiglech an onméiglech Problemfäll duergestallt gëtt.

Ee Beispill un dat ech mech erënnere, wat zwar am penale Beräich war, dat war de Projet de loi vum Kampf géint d'Gewalt géint d'Fraen, wou d'Egalitéitskommission huet misse schwéier kämpfe fir kloerzemaachen, dass et Fäll gëtt wou d'Mediation net dat géeeegent Mëttel ass wann et ëm d'Léisung vu Problemer geet, wou eben och d'Limiten an deem Sënn erreecht ginn, dass et iwwer eng individuell Konfliktléisung erausgeet, mä dass et Fäll si wou d'Gesellschaft muss kloermaachen, dass Normë verletzt gi sinn an dass demokratesch Wäerter a Fro gestallt gi sinn, déi dës Gesellschaft wichteg sinn.

Dat, wéi gesot, si Beräicher wou dann d'Limiten do sinn. Dofir ass et och gutt, mengen ech, dass d'Pro-

position de loi e klore Kader schaaft, wann et och elo hei ëm en anere Beräich geet. Mä och an deem Beräich wäert et sech eventuell kënnen erausstellen, datt esou Beräicher existéiere respektiv esou Froe sech kënnen stellen, an d'Regierung ass jo am Fong net derlaanscht komm fir der Auteurin eng bonne note auszustellen, dofir dass se déi Hausaufgab gemaach huet, déi d'Regierung selwer bis elo net fäerdeg bruecht huet.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, zu där Proposition de loi verweisen ech op eis schrëfflech Stellungnahm. Mir si mat der Zilsetzung vun där Proposition de loi d'accord.

M. le Président.- Mir kommen elo zu der Presentatioun vun der Proposition de loi 4810 vun der Madame Renée Wagener iwwert déi duebel Nationalitéit. Madame Wagener, Dir hutt erëm d'Wuert.

7. 4810 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise visant à introduire la double nationalité et à faciliter l'accès à la nationalité luxembourgeoise

Présentation

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Merci, Här President. Déi Proposition de loi hei geet schonn zréck op de Juni 2001 an zwar hat ech se deemools eragereecht als Alternativ zum Projet de loi vun der Regierung iwwert d'Reform vum Naturaliséierungsgesetz. Meng Proposition ass awer duerch des Reform net superfétatoire ginn, am Géigendeel. Mir haten eis jo deemools agesat fir d'Aféiere vun der duebler Nationalitéit zesummen, wann ech mech gutt erënneren, mat aneren Oppositionsparteien. Den Här Fayot hat deemools en Amendement gemaach. Leider sinn déi Virschléi an déi Propositionen net akzeptéiert ginn an dofir ass den Thema haut méi aktuell wéi jee.

D'duebel Nationalitéit war awer net den eenzegen Aspekt vun där Proposition, déi ech deemools gemaach hunn. Déi huet am Fong aus véier Punkte bestanen:

1. D'duebel Nationalitéit selwer, d'Aféierung dovun.
2. D'Verkierzung vum Délai de résidence op dräi Joer, esou wéi dat zum Beispill schonn an der Belsch de Fall ass, wéi et och bei eis am Land am Fall vun der Optioun festgeluecht ass, an iwwregens wëll ech do eng kleng Klamer opmaachen. Mir haten deemools scho proposéiert d'Optioun sollt och fir déi Leit gëllen, déi an engem Partenariat zesummeliewen. Mir waren do ganz vorausschauend an et muss een awer leider feststellen, dass dee Projet de loi iwwert de Partenariat déi Saach net virgesäit.
3. D'Aféiere vun enger administrativer Prozedur amplaz vun enger politescher, esou wéi dat och haut scho bei den Optiounen de Fall ass. Dat heescht, datt net méi déi ganz komplizéiert Prozedur géif gemaach ginn, wéi mer se haut kenne mat Conseil d'État, mat Chamber, mat Distriktskommissariat an esou virun.
4. D'Ofschafe vun der Sproocheklausel, déi jo 2001 agefouert ginn ass, an dat hu mer deemools proposéiert, d'Ersetzen duerch d'Aféierung vun engem allgemenge Congé linguistique fir Leit, déi nei op Lëtzebuerg kommen

Esou eng Gesetzesreform hätt awer och eng Verfassungsännerung néideg gemaach an dofir hate mer déi deemools zäitgläich agereecht. Déi steet awer haut net um Ordre du jour, esou dass dat deemnächst vläicht nach kënn he gescheien an dann den Débat eventuell nach eng kéier kënn opgerullt ginn.

Interessant an deem heite Kontext ass dann awer och, dass de 4. Juli 2001, also wahrscheinlech deem Dag wou d'Reform vum Naturaliséierungsgesetz gemaach ginn ass, eng Motioun vun de Majoritéitsparteien op den Dësch komm ass an och gestëmmt ginn ass, wou d'Regierung invitéiert gouf eng Analys vun der Fro vun der duebler Nationalitéit ze maachen a vun de juristesche Problemer, déi sech géifen an deem Kontext stellen, an ech zitieren: „à communiquer ces informations à la Chambre des Députés afin de permettre à celle-ci de mener un débat approfondi sur la double nationalité en toute connaissance des questions que peut soulever le sujet.“ Ech fannen dat ganz interessant, Här President. Ech hu selwer gestaunt wéi ech déi Motioun erëm gelies hunn an ech kann nëmme feststellen, dass deem esou groussspureg ugekënnegten Débat approfondi zimlech am Sand verlaf ass.

(Interruptions diverses)

Jo, mir hunn nach e puer Wochen Zäit. Dat stëmmt.

Bis elo stellen ech awer fest, dass net nëmme keen Avis vum Statsrot komm ass op déi Proposition de loi vu mir selwer, déi jo genau dat doten zum Thema hat, mä dass och d'Positioun vun der Regierung ganz, ganz laang op sech waarde gelooss huet an ech muss soen, dat war carrément e parlamentarescht Trauerspill wat hei ofgelaf ass. Während 3½ Joer si mindestens 13 Bréiwer vum Här Biltgen un den Här Frieden gaangen, wou en drop opmierksam gemaach huet, dass d'Regierung nach ëmmer keng Positioun geholl hätt, fir dann endlech am Januar vun dësem Joer eng Äntwert vu fënnf Zeilen ze kréien, wou drasteet, de Premier hätt jo a senger Ried zur Lag vun der Natioun vum Mee 2002 gesot, d'duebel Nationalitéit kënn eréischt agefouert ginn, wa sech no Debatten e kloren Optrag vum Wieler an déi Richtung erauskristalliséiert.

Et ass och interessant ze gesinn, dass d'Regierung fir déi doten Äntwert huet missen zwee Joer waarden, bis no där Ausso zur Lag vun der Natioun. Mä bon, do muss ee sech vläicht an dësem Parlament dann och dru gewinnen, datt een als Deputéierten net immens seriö geholl gëtt.

Witzeg war dann awer och d'Attitud vun de Regierungsparteien. Ech zitieren fir d'éischt emol d'DP. Do kann een am Oktober 2002 am „Lëtzebuenger Wort“ liesen ënnert dem Titel „DP will Doppelpass für EU-Ausländer“, et gëtt de Fraktiounschef zitéiert: „Wir sind für eine einfache und möglichst praktische Lösung, so der Liberale, der auf eine möglichst rasche Einführung des Doppelpasses drängt.“ Dat war am Oktober 2002. Et ass nach net fäerdeg. Da kënn erëm en direkt Zitat: „Damit das Thema Integration nicht von den Populisten zu Wahlkampfzwecken missbraucht wird.“

Déi zweet a méi staark Regierungspartei, d'CSV, wollt laut de Wieder vun hirem Generalsekretär Schiltz „eine offene und breite Diskussion“ féieren. Et waren zwar Leit an där Partei, déi dat anescht gesinn hunn, zum Beispill den Här Mosar, dee gemengt huet, d'Lëtzebuenger wieren nach net prett fir d'duebel Nationalitéit. D'Lëtzebuenger hunn du prompt geäntwert, andeem se an engem ILReS-Sondage mat 63 % fir d'duebel Nationalitéit waren an d'Gesamtpopulation esouguer zu 74%.

Här President, et kann ee sech also haut froe wat aus deem...

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- ...d'Parlament ofschaffen a just nach d'ILReS froen.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Esou wéi Dir mat de Propositions de loi vun den Oppositionspolitiker ëmgitt, do kéint ee sech wirklech d'Fro stellen, ob een d'Parlament net soll ofschaffen. Also wann ech 13 Bréiwer liese vum Här Biltgen un lech, wou en no enger Positioun freet, dann ass dat fir mech eng relativ staark Mëssuechtung vum Parlament.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Nodeem mer lech zéngmol scho mëndlech hei gesot hate wat eis Meinung war an ech rappeléieren lech déi de Mëtteg fir d'fözféngt!

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Här President, ech mengen, dass mer eng parlamentaresch Prozedur hei hunn an d'Regierung soll sech un déi halen, egal wat se vun de Propositionen inhaltlech hält.

Här President, et kann ee sech also d'Fro stelle wat aus deem Débat approfondi ginn ass,...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

...deem an där Motioun do gefrot gi wor an ugekënnegt gi wor, zumools, nodeem dass dann déi Etüd Delpérée, déi eigentlech d'Resultat vun där Motioun ass, erauskomm ass.

Déi ass zwar der Press virgestallt ginn, mä wa mir als Gréng net an der Commission juridique insistéiert hätten, dann hätt d'Parlament se iwwerhaupt net zur Kenntnis geholl an iwwert de Vase clos vun der Commission juridique eraus ass déi Diskussioun leider och net gaangen. Ech soe leider, well dee Rapport ganz interessant Detailler enthält.

Firwat ass dat eigentlech esou gaangen? Doriwwer kann ee spékuléieren. Vläicht war et well déi Äntwerten, déi dee Rapport ginn huet, de Majoritéitsparteien net an de Krom gepasst hunn. Den Här Delpérée insistéiert nämlech ganz vill um Konzept vun der Citoyennetéit, an dat heescht, datt een am Fong verschide Rechter als Bierger oder Biergerin soll kënnen genéissen, och ouni seng Nationalitéit ze changéieren, zum Beispill d'Wahlrecht.

An domat gräifen ech am Fong eng Fuerderung op, déi mir als Gréng bis elo relativ einsam vertrueden hunn, nämlech déi, dass dat nationalt Wahlrecht fir Nellëtzebuenger misst zougänglech gemaach ginn. Un där Saach ass net nëmme pikant, dass déi Saach vläicht méi einfach ze bewerkstellige wor wéi d'duebel Nationalitéit anzeféieren, wou mer jo elo feststellen, och an deem Rapport, dass dat mat enger Rei vun technesche Problemer awer verbonnen ass, mä dass d'Regierung do, wou se en Intérêt hat, eigentlech schonn insgeheim op de Wee vun der Citoyennetéit gaangen ass.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech erënneren lech nämlech drun, dass beim Zougank zur Arméi ganz ouni Spektakel deene jonken auslänneschen EU-Bierger den Accès zu engem vun de sensibelste Beräicher vun der nationaler Souveränitéit verschafe ginn ass, well d'Regierung anescht hir Truppen net méi zesumme kritt hätt. An do wor et also méiglech dat Konzept vun der Citoyennetéit ëmzesetzen. An anere Beräicher, wann et ëm d'Wahlrecht an d'Partizipatioun geet, do gëtt da léiwer net dovunner geschwat.

Här President, mir hunn als Gréng ëmmer gemengt, dass déi zwee Weeër gutt a wichteg sinn an dofir hu mer och wéi et ëm d'Nationalitéitgesetz gaangen ass, eis fir d'duebel Nationalitéit agesat a wéi et ëm d'Wahlgesetz gaangen ass, och gemengt, datt et wichteg wier, datt mer eis déi Fro vum nationale Wahlrecht géife stellen.

Mä komme mer zréck op d'duebel Nationalitéit. Laut Premier muss mer also elo op den Optrag vun der Wieterschaft waarden. An de kommende Wahle wäerten d'Leit nämlech, wa se net grad déi Gréng wielen, déi schonn zënter Joer an Dag sech fir d'duebel Nationalitéit asetzen, tëschent dräi grouse Parteie kënnen wielen, vun deenen d'LSAP, wéi ech konnt noliese scho bei de leschte Wahle fir d'duebel Nationalitéit agetrueden ass, d'DP spéitstens dann also zënter dem Oktober 2002 dofir antrëtt, a just d'CSV nach ëmmer nëmmen eng ganz zaghaft a minimal Formel an hirem neie Wahlprogramm stoen huet - ech hunn et extra nogelies, Här Glesener, wou et haaptsächlech ëm d'Integratioun och vun de Kanner gaangen ass, wou se vun der duebeler Nationalitéit schwätzt - wou also wéi gesot d'CSV déi ass, déi do am zréckhalensten ass.

Dee breeden Débat, deem also do ëmmer erëm gefrot ginn ass, dee schéngt haaptsächlech gebraucht ze ginn, fir d'CSV ze iwwerzeegen, net d'Wieterschaft selwer - déi ka vläicht dann den 13. Juni hir Iwwerzeugungskraaft benotzen a spille loossen, fir d'CSV ze iwwerzeegen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Marcel Glesener agedroen. Den Här Glesener huet d'Wuert.

Discussion

M. Marcel Glesener (CSV).- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegeen, d'Madame Wagener huet ganz engagéiert an emotionsbetount hir Proposition de loi hei virgedroen an och verteidegt.

Et ass esou, datt déi Proposition de loi vun der Madame Wagener am Juni 2001 am Kontext vun enger Reform vum Naturalisatiounsgesetz hei déposéiert ginn ass, an et ass evident, datt dat Ulass ginn huet zu enger ganzer Rei vun Diskussiounen, net nëmmen hei an der Chamber, mä och virun allem an der Lëtzebuenger Bevölkerung. Et ass an deene leschte Joren ee Meinungsbildungsprozess hei déclenchéiert ginn zu Lëtzebuerg, wou eng ganz Rei Suergen an Ängschte vun der Lëtzebuenger Populatioun zum Ausdrock komm sinn, well et absolut net kloer war, ënner welleche Konditiounen dann och déi duebel Nationalitéit kéint gi ginn a wat domat verbonne wier.

Et war u sech keng vun de Parteien aus der Opposition, déi ganz kloer Virstellungen hei presentéiert huet, wellech Konditiounen a wellech Rechter a Flichten dann déi duebel Nationalitéit géif mat sech bréngen. Mir hunn an der Partei - an ech schwätze fir d'CSV - eng laang Diskussioun an deem sensible Problem gefouert. Wann d'Madame Wagener mengt, datt d'CSV nach ëmmer ganz bedeckt sech géif zur duebeler Nationalitéit ausschwätzen, da muss ech se awer drun erënneren, wat mer virun e puer Méint hei an der Chamber daitlech kloer, net nëmme geschriwwen, gesot hunn iwwert d'duebel Nationalitéit.

De Wahlprogramm vun der CSV ass guer net esou bedeckt. Dee schwätzt sech kloer fir d'duebel Nationalitéit aus. Hie schwätzt sech aus fir d'duebel Nationalitéit, woubäi d'Konditiounen mussen definiert ginn, déi musse spillen, fir kënnen an de Besët vun enger zweeter oder enger drëtter Nationalitéit ze kommen.

D'Regierung huet duerch de Mond vum Statsminister beim État de la nation 2002 hei deklaréiert, datt

d'duebel Nationalitéit e wesentlechen a wichtegen Integrationsfacteur wier vun der auslännescher Bevölkerung hei zu Lëtzebuerg an datt et noutwendeg wier, datt op Grond vun enger Rei vu Sensibilitäten e groussen Débat misst gefouert ginn. Mä virdrun awer misst et kloer sinn, ier esou en Débat kéint déclenchéiert ginn hei an der Chamber an och an der Populatioun, datt iwwert d'Verfassungsméissegkeet vun der duebler Nationalitéit misst nogeduecht ginn. Deementsprechend ass dat och eruertert gi mat enger Rei vun auslännesche Verfassungsrechtler.

Doriwwer eraus, wat wichteg ass an et ass och ganz kloer gesot ginn, datt ier een e weidere Schrëtt mécht, datt no deem juristesche Gutachten een da misst nodenken iwwert den Zäitraum an iwwert d'Akzeptanz an iwwert de Mandat, deem ee misst kréien, fir dat ze maachen. Ech mengen, dat war ëmmer d'Meenung vun der Partei. Mir haten dat net an eise Wahlprogramm stoe virun deene leschte Wahlen. Folglech wier et net seriö gewiescht vis-à-vis vum Wieler elo d'Populatioun ze brückéieren an esou Schrëtter virzehuelen ouni de kloren Optrag ze kréie vum Wieler.

Dat juristescht Gutachten huet all déi verfassungsméisseg Problemer, déi ee gesinn huet an déi een huet misse gesinn, zu engem groussen Deel entschäerft. Et dréint sech dodrëm fir elo kloer Konditiounen festzeleeën, déi muss festgeluecht ginn, wellech Bedingungen ee muss erfëllen, fir kënnen d'duebel Nationalitéit ze beanspruchen. Et ass och gesot ginn, et misst an et sollt e breeden Débat an der Populatioun gefouert ginn an et soll och een Débat an der Chamber zu där Problematik gefouert ginn. An dat ass och geschitt. Mir hunn hei an der Chamber ee laangen Débat iwwert d'duebel Nationalitéit gefouert.

Mir hunn och an der zoustänneger Immigrationskommission diskutéiert. Madame Wagener, mir zwee hu ganz vill a positiv Diskussiounen zu deem Thema matenee gefouert an der Kommission. Mir hunn effektiv hei och duerch dee Rapport, deem ech gemaach hunn an deem och hei presentéiert ginn ass a wou d'CSV sech ganz kloer bekennt zu der duebeler Nationalitéit, deem Débat hei an der Chamber positiv gefouert, wou all Partei d'Recht an d'Méiglechkeet hat sech zu där Problematik ze äusseren.

Ech hu festgestallt, datt während deem Débat hei e ganz grouse Konsens vun alle politesche Parteei bestanen huet. No de Wahlen an nodeem de Wieler eis als Politiker den Optrag ginn huet e weidere Schrëtt ze maachen, mengen ech, si mir och der Meinung, datt dat soll geschéien. Mir hunn et dofir an eise Wahlprogramm stoen. Wann de Wieler genau weess, wou en drun ass, a wann en der CSV de Mandat gëtt, a bei deene Wahlen, déi elo kommen, wäert dat dann och geschéien, da si mer der Meinung, datt d'Regierung ee Projet de loi examinéiere soll an op den Instanzwee gi soll, an deem ganz kloer definéiert gëtt, ënner welleche Konditiounen, a wat ee muss erfëllen, fir kënnen an d'duebel Nationalitéit ze kommen.

Esou ee Projet soll no den nächste Wahlen op den Instanzwee goen; e soll an déi zoustänneg Kommission kommen; e soll do debatiert ginn, diskutéiert ginn. De Statsrot a sämtlech Berufschamberen hei am Land sollen hiren Avis driwwer ginn a wann deem Avis da virläit, dann ass et un der Chamber hei ze decidéieren. Mat Sécherheet wäert d'CSV - an dat kann ech hei ganz kloer an daitlech soen - sech positiv op esou eng Démarche hibewegen.

An deem Sënn, Madame Wagener, wollt ech lech soen: Jo, Dir kënn eis roueg drun erënneren. Ech sinn iwwerzeegt, datt dat an absehbarer Zäit nom 13. Juni wäert ge-